



fen an dat Wunnen do net bauen, jo, da brauche mer d’Gare och net! Et ass entweder dat eent an dat anert. Mir baue just eng Gare, well mer hei vill Leit schaffe kréien a vill Leit wunne kréien. Dat eent ouni dat anert mécht net vill Sënn.

Privat Promotioune wäerten hei 263.000 m² einstweile scho geplangt si fir an deenen nächste Joren. Zousätzlech komme privat Investissementer, de Lycée Vauban, deen duerno hei wäert um Ordre du jour stoen, wou ech och frou sinn, datt deen och gemeinsam deeselwechten Dag mat deenen heite Projekte gestëmmt gëtt, 51.000 m², Pompjeeskassare mat der Administration des services de secours an der Schoul, ronn 15.000 m², déi wäerten entstoen. 4.000 bis 5.000 Aarbechtsplaze bedeit dat am Ganzen, iwwer 600 Wunnengen, déi an dëser Etapp virgesi sinn. Dat ass eppes! Dat ass eppes, wat wichteg ass fir d’Entwécklung vun eiser Stad a wat wichteg ass sécherlech fir d’Entwécklung vum Land.

E puer Froe si gestallt ginn. Dat ass déi Fro vun den Emprisen. Do hu mer mat der Stad Lëtzebuerg ofgemaach, datt d’Emprisen haaptsächlech vun der Stad gemaach ginn. Souwäit wéi meng Renseignementer ginn - déi ech awer elo just confirméiert krut -, leeft deen Dossier relativ gutt virun, do si mer an de Schlussphasen. Ech kennen net all Detailer dovun, hunn awer do net héieren, datt elo gréisser Problemer an dësem Moment sech géife stellen. Wär dat de Fall, musse mer se awer sécherlech léisen.

Dat Zweet, dat ass: „Wat bréngt déi Gare Houwald...“, huet den Här Henckes gefrot, „...dem normale Bierger?“ Här Henckes, wat ass dat, den normale Bierger... hei an dësem Land?

(Interruptions diverses et hilarité)

► **Une voix.**- Mir zwee.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- De normale Bierger, déi Leit, déi dohinner wunne ginn a schaffe ginn, da soen ech lech: Mä Dir bréngt deem eng onwahrscheinlech Liewensqualitéit an Dir bréngt em d’Méiglechkeet, net säin Auto ze gebrauchen an den öffentlichen Transport ze gebrauchen. Ech weess net, wat fir eng aner Äntwert Der gär hätt.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Ma neen,...

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Falls dat awer net den normalen...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Et wor positiv gemengt.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Okay.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Et wor positiv gemengt. Mä et gëtt ëmmer hei vun Technik geschwat. Also dofir hat ech an der Haaptsaach gefrot.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech war wahrscheinlech dann ze vill erstaunt, datt Dir dat elo positiv gemengt hutt!

(Hilarité)

Da si mer eis eens, Här Henckes.

► **M. Gast Gibéryen.**- Et ass e schéinen Dag.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ah voilà, dee schreiwe mer an d’Annalen op.

(Interruptions)

Dann huet den Här Henckes och nach gefrot, an ech wëll och op déi Fro hei äntwerten: Dat ass déi vun de Finanzen. Dir hutt gesot: „Ass dee Projet hei net och ënnerschat a gëtt en duerno net och vill méi deier?“

Mä wat hu mer elo hei an enger éischter Etapp bei dësem Projet gemaach? Hei hu mer genau de Contraire gemaach. Hei war e Projet, deen op 300 - eppes méi -

Milliounen emol ageschat war a senger Fäerdegstellung. Elo hu mer gesot: „Dat kënnen mer elo net bezuelen. Dat wier zwar schéin an dat ass och d’Zukunftsmusek. Mä mer hätten elo emol gär eppes ganz, ganz Rudimentäres, ganz, ganz Einfaches, wat fonctionnéiert, déi éischt Etapp, déi virgesi war.“ An do hu mer elo déi éischt Etapp op de Wee ginn.

Esou vill wéi d’Aschätzungen elo hei sinn, déi mer gemaach hunn - an déi hu mer nach eng Kéier kontrolléiert -, sinn hei all déi Quaien, déi an deenen eppes méi wéi 40 Milliounen do enthalte sinn, plus och den Neibau vum Südkapp vun der Gare, dat heescht am Fong den éischten Deel, do wou duerno déi Trass - wéi den Här Negri dat vill besser erkläert huet, wéi ech dat kann -, wou duerno déi nei Beetebuerger Streck sech wäert drun ubannen, an deem do Präis korrekterweis ageschat an nach eng Kéier iwwerkuckt ginn. Soss hätte mer en elo an dësem Moment net hei déposéiert!

Ech ginn also dovunner aus, datt mer och an dräi, véier Joer, wa mer d’Konklusiounen heiraus zéien, bei deem Präis wäerte bleiwen.

Dat Lescht, wat ech wollt soen, dat ass ganz einfach, datt ech extrem frou sinn, datt déi Kollaboratioun, déi mer elo an deene leschte Jore mat der Stad Lëtzebuerg hatten, mat der Gemeng Hesper hatten, esou gutt hei fonctionnéiert huet. Mir sinn hei weiderkomm. Mir sinn eis eens ginn. Mir hatten heiansdo relativ zolidd Diskussiounen, mä schlussendlech war et déiselwecht Zilsetzung, hu mer Léisunge fonnt.

Ech muss hannendrun och nach soen, datt fir déi nächst Etapp - an dat ass den „mid-field“ - déiselwecht Diskussiounen an deemselwechte Geescht weidergefouert ginn. Et ass nun einfach esou, datt mer Entwécklungsgebiddir fir eist Land an deenen nächste Jore brauchen, wa mer net wëlle stoe bleiwen. Wa mer eisem Land wëllen eng Chance ginn, dann ass dat hei ee vun deene Projeten, deen eng Chance fir eist Land bedeit.

Ech soen lech Merci fir d’Ennerstëtzung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nothaltegeektsminister. Domadder ass d’Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6137 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Jean-Paul Schaaf), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall’Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S’est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6146.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6146 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Félix Eischen), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall’Agnol), Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. Constitution de la «Sous-commission Création d’un droit européen des contrats pour les consommateurs et les entreprises de la Commission juridique (SCCJ)»

D’Presidentekonferenz schléit vir, op Proposition hi vun der Commission juridique eng «Sous-commission Création d’un droit européen des contrats pour les consommateurs et les entreprises de la commission juridique» ze schafen. Ass d’Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zum nächste Punkt: de Projet de loi 5993 iwwert de Bau zu Gaasperech vu Gebailechkeete fir de Lycée Vauban. Hei ass d’Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Majerus, Berger, Kartheiser an Hoffmann. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d’Wuert.

5. 5993 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement de la construction à Gasperich de nouveaux bâtiments pour l’École Française de Luxembourg et pour le Lycée et Collège Vauban

Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur.*- Merci, Här President. Här Pre-

sident, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5993 „autorisant le Gouvernement à participer au financement de la construction à Gasperich de nouveaux bâtiments pour l’École Française de Luxembourg et pour le Lycée et Collège Vauban“ ass de 17. Februar 2009 hei an der Chamber vun der Éducatiousministesch déposéiert ginn. De Statsrot huet den 22. September 2009 säin Avis ginn, an an der Éducatiouskommissioun ass de Rapport vum Projet de loi unanime den 28. Oktober 2010 ugehall ginn.

Laut dem Artikel 29 vum Gesetz vum 13. Juni 2003 tëschent dem Stat an dem Enseignement privé ass de Stat gesetzlech obligéiert, Ausgaben, déi Privatschoulen am Kader vu Vergrësserungen oder Ersetze vun hire Gebaier hunn, finanziell matzedroen. Den Objet vum Projet de loi, dee mir haut hei virleien hunn, ass déi finanziell staatlech Bedeelegung ze autoriséiere fir de Bau vun enger neier franséischsproocheger Schoul, déi souwuel eng Spill- an eng Primärschoul virgesäit souwéi och een neie Lycée. Mir ginn also esou eiser Obligatioun aus dem Gesetz vum 2003 gerecht.

Ech wollt fir d’Éischt emol e puer Wierder iwwert de Finanzement vun dësem Projet soen. D’Gesetz vum 13. Juni 2003 iwwert d’Relatioun tëschent dem Stat an de Privatschoule gesäit vir, dass déi staatlech Bedeelegung net iwwer 80% vun der Dépense globale kann erausgoen. D’Fiche financière vum Projet de loi gesäit ee gesamten Investissement vun 158,3 Milliounen Euro vir. Déi staatlech Kontribution wier also geméiss dem Artikel 29, Paragraph 2 vum virgenannte Gesetz 126,64 Milliounen Euro. Dat Ganzt baséiert op dem Präisindex vun de Konstruktiounen vum Oktober 2008. Déi franséisch Autoritéite steieren 20% bäi, also 31,66 Milliounen Euro.

Vu dass de Montant vun Lëtzebuurger Stat iwwer 40 Milliounen ass, muss laut dem Artikel 99 vun der Constitution dëst Spezialgesetz gestëmmt ginn, dat et dem Stat erlaabt, déi néideg Dépensen ze maachen.

Zur Prozedur wollt ech Folgendes soen: Tëscht dem Avis vum Statsrot vum 22. September 2009 an dem Vote vum Rapport an der Éducatiouskommissioun ass méi wéi ee Joer vergaang. Dat ass drop zrëckzeféieren, dass zwou wichteg Konditiounen vun der franséischer Säit laang net erfüllt waren. A soulaang huet d’Éducatiouskommissioun hir Aarbechten tëscht Dezember 2009 an dem Oktober 2010 zrëckgestallt.

Déi éischt Konditioun war, dass just eng Associatioun d’Responsabilitéit iwwerhëlt an déi duerno och natierlech de Lycée géréiert. D’Statute vun där nei gegrënnter Associatioun École et Lycée Français du Luxembourg a.s.b.l. sinn ënnert der Nummer F834 den 30. Juli 2010 am Registre de commerce et des sociétés enregistriert an déposéiert ginn.

Déi zweet Konditioun war, dass d’Associatioun d’Garantie ka bréngen, dass si iwwert déi 20% verfügt, déi fir de Bau vun der Schoul vun der franséischer Säit muss bäigesteiert ginn. Fir dës Garantie ze liwweren, huet de franséische Stat d’Associatioun autoriséiert, een Emprunt vun 31,6 Milliounen ze maachen.

Wann dëse Projet gestëmmt ass, wäert de franséische Finanzministère een Arrêté de garantie am „Journal officiel“ publizéieren. Mëtt September 2010 huet d’Éducatiouskommissioun d’Bestätegung krit, dass déi franséisch Säit déi finanziell Garantie ka bréngen, esou dass d’Aarbechten an der Éducatiouskommissioun konnte weidergoen. An de Rapport ass dunn, wéi gesot, den 28. Oktober vun dësem Joer ugehall ginn.

An der Tëschenzäit huet d’Éducatiouskommissioun iwwer een Amendement nach een Avis vum Statsrot iwwerholl. Et ass ëm eng Emännerung am Intitulé gaang, wou ganz kloer den Aspekt vum Finanzement ervirgestrach ginn ass. De positiven Avis complémentaire vum Statsrot ass den 18. Dezember 2009 komm.

Nom Vote vum Gesetz hei an der Chamber gëtt, wéi d’ASFT-Gesetz et virgesäit, eng Konventioun tëschent dem Stat an de Responsabele vun der Schoul ënnerschriv-



wen. Dee Moment muss déi franséisch Kontributioun vun 31,6 Milliounen Euro disponibel sinn, an da ka mat den Aarbechten ugefaange ginn.

Wat elo d'Finanzierungskonditiounen an d'Gréisst vun den Infrastrukturen ubelaangt, esou wäert déi staatlech Hëllef sech ëmmer op 80% begrenzen, an dat op engem Gesamtchiffer vu maximal 158,3 Milliounen Euro. Et ass awer evident, wann d'Gebai manner grouss géif ginn, wat de Käschtpunkt och géif erofgoen. Ëmgedréit gëllt och, dass, wann de Bau méi deier wéi geplangt sollt ginn, d'Bedeelung vun der Lëtzebuurger Säit net déi 126 Milliounen wäert iwwerschreiden. D'Differenz misst an deem Fall déi franséisch Säit bezuelen.

Déi Responsabel vum Lycée Vauban hunn eis bestätegt, dass et am Moment duerno ausgesäit, wéi wann de Projet méi kleng, also och méi bëlleeg wéi geplangt wäert ausfalen. De Projet ass och esou konzipéiert, dass problemlos deen een oder aneren Deel ewech ka gelooss ginn an esou a verschiddenen Etappe ka gebaut ginn, jee no Besoin.

Wat elo de Projet selwer ugeet, sollt ee wëssen, dass en op d'Besoin fir Accueil a Schoulinfrastrukture fir d'Rentrée 2015 geschat ass, an e gesäit folgend Schülereffektive vir: fir de Collège a Lycée Vauban 1.245 Schüler fir d'Schouljoer 2015/2016; fir d'École Française de Luxembourg ronn 800 Schüler fir d'Rentrée 2015 an och 2016.

Déi Schätzung vum de Schülerzuele si vun de Responsabele vum Lycée Vauban a vun der École Française du Luxembourg selwer gemaach ginn. Wat d'Zuele vun de Schüler vum Lycée Vauban ugeet, esou fällt et op, dass si bei ronn 570 Schüler bis 2012 stagnéieren, fir ab 2015 mat 800 Schüler ze rechnen. Dat ass awer net onwahrscheinlech, well d'Schülerpopulatioun am Allgemengen zu Lëtzebuerg an deenen nächste Jore wäert eropgoen, an och well de Lycée Vauban elo scho laang Waardelëschten huet.

An deem Kontext wëll ech hei nach eng Kéier betounen, dass och d'Lëtzebuurger sech souwuel an der École fondamentale wéi och am Lycée kënnen aschreiwen. Et ginn och elo schonn eng ganz Partie Lëtzebuurger Studenten an Elteren, déi de Choix maachen, hir Kanner an dës francophone Schoul anzeschreiwen.

D'Gebaielcheeten, déi um Ban de Gasperich op 5,4 Hektar gebaut wäerte ginn, gesi 44 Klassenjill vir, École maternelle a primaire, also de Fondamental, an 51 Säll si virgesi fir de Collège a Lycée gebraucht ze ginn. Derbäi kommen nach ronn 20 Spezialsäll fir den Enseignement fondamental a 50 Spezialsäll fir den Enseignement secondaire.

Virgesi sinn och Sportssäll, administrativ an technesch Säll souwéi Structures d'accueil an een iwwerdeckte Parking mat 141 Plazen. Natierlech gesäit de Projet och Quai fir Busser, nach 200 aner Parkméiglechkeeten an „kiss and go“-Méiglechkeete fir d'Eltere vir.

D'Bâtiments publics hunn déi energietechnesch an architektonesche Aspekter vum Projet iwwerpréift a festgestallt, dass si den üblechen Normen entsprechen. Si hunn also hire Feu vert ginn.

Wat elo den Accès zum Site ugeet - an et ass scho virdrun an deene Projeten, déi de Ban de Gasperich concernéieren, ugeschwat ginn -, kann een nach ervirhiewen, dass d'Architekten sech mat de Responsabele vun der Division mobilité urbaine des services techniques vun der Stad Lëtzebuerg ofgeschwat hunn. An och si hunn de Feu vert ginn.

En aner Fro, déi de Statsrot opgeworf hat, war déi vun der Relatioun tëschent der École Sainte-Sophie an der École Française de Luxembourg. Déi franséisch Autoritéiten haten d'École Sainte-Sophie gefrot, fir den Enseignement francophone ze garantéieren, well si eng grouss Demande vu Schüler am Enseignement fondamental haten, si awer net déi Plaz haten, fir jiddwereen opzehuelen.

Mat deem heite Projet kritt d'École Française elo eng eegestänneg Infrastruktur, woumadder si elo den Enseignement maternel a primaire ka garantéieren. D'École

Sainte-Sophie wäert awer den Enseignement francophone net opginn. Esou dass d'Elteren elo de Choix hunn, fir hir Kanner an d'École Française oder an d'Sainte-Sophie ze ginn.

Här President, dëse Projet ass net nëmme wichteg fir eis francophone Communauté hei am Land, mä och a virun allem fir Lëtzebuerg. Et ass also wichteg, dass esou schnell wéi méiglech ka mam Bau ugefaange ginn.

Fir d'Éischt wëll ech an deem Aspekt soen, dass déi aktuell Infrastrukturen, wou d'École Française de Luxembourg souwéi de Lycée et Collège Vauban momentan ënnerbruecht sinn, ze kleng gi sinn, fir där grousser Nofro gerecht ze ginn. En plus gi si elo dréngend vum Lycée Technique du Centre gebraucht. 2003 waren d'Gebaier vu Lycée a Collège Vauban an der Avenue de la Faïencerie nei aménagéiert ginn.

Wann de Lycée Vauban op Gaasperech plënnert, kéint dëst neit Gebai direkt vum Lycée Technique du Centre genotzt ginn, wat eng grouss Entlaaschtung fir dëse Lycée bedeit. Mir stëmmen hei also net nëmmen iwwert de Lycée Vauban of, mä och de facto fir eng Vergrößerung vum Lycée Technique du Centre, dee vun deene bal neien Infrastrukture vum Lycée Vauban profitéiere wäert. Dëst war eng Fro, déi de Statsrot och a sengem Avis opgeworf hat.

Des Weidere bedeit d'Plënnere vum Lycée Vauban op de Ban de Gasperich och eng grouss Entlaaschtung vum gesamte Quartier Lampertsbiere, dee sech ëmmer nees der Eerausforderung vun deene ville Lycéen, Schoulen a vun der Uni stelle muss.

Dat zweet a wichtegst Argument ass, dass de Bau vun dësen neien Infrastrukture wesentlech zur Valoriséierung vum Standuert Lëtzebuerg bäidréit. Eis Économie ass op auslännesch Investisseuren an op héich qualifizéiert Personal aus dem Ausland ugewisen, déi an de Banken, Entreprene, Administratiounen, ONGen an op der Uni schaffen. Och vill Diplomate wunnen zu Lëtzebuerg.

Dat Éischt, wat déi Leit kucken, wa se op Lëtzebuerg kommen, wa se d'Qualitéit vum Standuert Lëtzebuerg fir hire Beruff kucken, dat ass, nieft hirem Beruff, awer och déi schoulesch Strukturen an Infrastrukturen, déi fir hir Kanner do sinn. Duerfir ass et wichteg, dass mir guet international Schoulen hei zu Lëtzebuerg hunn, fir dass d'Leit Loscht hunn, hei op Lëtzebuerg schaffen ze kommen a sécher kënnen sinn, dass si hir Kanner an enger héichwäerteger Schoul ënnerdaach kënnen loossen.

Vu dass déi Leit ganz oft nëmmen e puer Joer hei am Land bleiwen an da müssen erëm an een anert Land zéien, ass et fir si vu Virdeel, wa si wëssen, dass hir Kanner an engem anere Land an eng Schoul kënnen goen, déi genau deeselwechte Programm mécht, wéi an deem Land, wou si grad sinn oder wou si grad waren.

Et besteet also hei zu Lëtzebuerg eng grouss Nofro fir international Schoulen, esou wéi de Lycée Vauban eng ass. Wa Lëtzebuerg als Standuert sech weiderhi wëllt profitéieren... profiléieren, pardon, ass et wichteg, dass mir esou Projete wéi deen heiten ënnerstëtzen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet an ech soen lech Merci, dass Der mer nogelasscht hutt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass den Här Mill Majerus agedroen. Här Majerus, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Mill Majerus (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, au-delà des infrastructures, le projet de loi 5993 évoque deux communautés scolaires qui, en tout, accueillent quelque 1.300 enfants et jeunes vivant au Luxembourg.

Ces établissements, l'École Française pour l'enseignement fondamental, et le Lycée Vauban pour l'enseignement secondaire, ont la particularité de s'intégrer dans le système scolaire français, d'en respecter les dispositions et d'être homologués par le Ministère de l'Éducation nationale en France.

Étant gérées par des organismes différents, les deux écoles présentent les mêmes caractéristiques et adhèrent à un vaste réseau de quelque 250 écoles francophones comparables, établies dans 130 pays différents. Ce réseau permet d'assurer la continuité de l'enseignement au bénéfice d'enfants dont les familles, pour des raisons professionnelles notamment, déménagent souvent.

La laïcité étant un de leurs principes d'orientation, l'École Française et le Lycée Vauban constituent des établissements scolaires privés. La gestion en est assurée par des associations sans but lucratif dont les administrateurs sont des parents d'élèves qui s'engagent à titre bénévole. D'ailleurs, il est remarquable que ces parents acceptent un engagement financier important dans le cadre de la nouvelle construction. Tous les parents devront faire face à une augmentation de 50% des frais d'inscription, soit en tout des frais de scolarité évalués à quelque 3.000 euros par an et par élève.

La nouvelle construction présente de nombreux avantages. Les écoles concernées seront en mesure d'augmenter leur capacité d'accueil et de répondre ainsi à une demande en évolution. Notons au passage qu'actuellement 10% des élèves sont de nationalité luxembourgeoise. Notons également que beaucoup de parents ne pourront envisager un transfert professionnel au Luxembourg qu'à condition que leurs enfants puissent être scolarisés dans la continuité.

Les nouvelles infrastructures - et cela a été souligné par l'honorable rapporteur -, les nouvelles infrastructures prévues à Gasperich tiendront mieux compte des besoins pédagogiques, notamment en ce qui concerne l'éducation sportive. Enfin, le démenagement délogera le quartier du Limpertsberg et offrira au Lycée technique du Centre des espaces requis au vu du développement de ses missions.

Nous avons d'excellentes raisons de souscrire au projet de la nouvelle construction. Au bénéfice de nombreuses familles francophones que notre pays accueille à titre définitif ou temporaire, et dont les enfants arrivent en cours de scolarité, nous contribuerons à proposer un parcours scolaire continu et performant. L'engagement financier de l'État luxembourgeois est complété généreusement par les parents d'élèves, comme d'ailleurs par la Ville de Luxembourg qui met à disposition le terrain requis à Gasperich.

Il y a lieu de féliciter les directions des deux écoles qui promeuvent l'intégration de leurs institutions et de leurs élèves dans la communauté nationale. Ainsi, le Lycée Vauban développe l'enseignement du luxembourgeois, évalué comme une passerelle d'intégration. Au niveau de son projet d'établissement, le lycée cultive des partenariats notamment avec le Lycée Aline Mayrisch et le Conservatoire de la ville de Luxembourg.

Mon groupe parlementaire adhère au projet de loi 5993 en soulignant toutefois qu'il constitue un élément dans un programme plus vaste de constructions scolaires. Dans ce programme nous rappelons notamment les projets de Clervaux, de Mondorf et de Differdange.

Pour conclure, au nom du groupe parlementaire CSV, je félicite les administrateurs des écoles de leur générosité, de leur élan; je remercie Madame la Ministre de suivre l'évolution de deux établissements scolaires qui témoignent de la diversité riche de la plate-forme scolaire luxembourgeoise; je reconnais la qualité du rapport de notre honorable collègue, M. Claude Haagen. Le CSV votera le projet de loi.

Merci de votre attention.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Majerus. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur huet schonn déi wichtegst Eckdaten hei duergestallt, duerfir wëll ech mech wierklech op e puer kleng Remarquen hei beschränken.

Ech wëll och direkt virausschécken, datt d'DP-Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen, well d'Iddi respektiv d'Konzept vum Lycée Vauban wéi och vun aneren internationalen Schoulen ass, fir eng adequat Schouloffer fir auslännesch Kanner ze schaffen, wou d'Elteren nëmmen eng begrenzten Zäit hei op Lëtzebuerg schaffen kommen a wou d'Kanner jo normalerweis herno nees an hiert Heemecht-Schoulsystem zrëckginn.

Sou Schoule sinn duerfir och e Plus fir de Standuert Lëtzebuerg, well eng Rei Entreprene, mat héich spezialiséierter Matarbechter ganz oft, déi maachen zum Deel hire Choix fir sech hei niddereeloossen och en fonction vun de Konditiounen, déi se zum Beispill fir d'Familljenëmfeld vun hire Matarbechter kënnen kréien oder fannen. Et brauch een also esou Schoulen och am Kontext vu Lëtzebuerg als Wirtschaftsstanduert.

Dat gesot, Här President, wëllt ech e puer kleng Remarquë maachen.

Ënner anerem hunn ech jo elo gesot, datt mer dovunner ausginn, datt haaptsächlech do Kanner si vu Leit, déi hei nëmmen zäitlech zu Lëtzebuerg wunnen. Et wier emol interessant, Zuelen ze kréien, wéi dann haut awer d'Populatioun sech an deem Lycée Vauban respektiv an deem Lycée Français zesummesetzt. Sinn dat nach wierklech exklusiv nëmme Schüler vu franséschen Elteren, déi hei zäitlech begrenzt schaffen, oder sinn och anerer derbäi? Wéi vill wieren dat der, a sinn dat vläicht der, déi Problemer hu mat dem lëtzebuergesche System an dann ebe via Schoulgeld versichen, a méi en adequate Schoulsystem ëmzeklammen?

Ouni elo déi Reflexioun weiderzeféieren, wëll ech drun erënneren, datt mir och als DP derfir antrieden, datt een zum Beispill hei zu Lëtzebuerg och an eise Schoulen d'Méiglechkeet hätt, au choix eng Alphabetisatioun op Däitsch oder op Franséisch ze kréien.

Eng aner Remarque, déi ech wëllt maachen, betrëfft de Käschtpunkt vun dësem Schoulgebaai. De Rapporteur huet schonn op verschidde Problemer higewisen, wou och Délaien entstane sinn, well do och Garantie säitens vum fransésche Stat oder franséschen Autoritéite gefrot gi sinn. An déi haten och, esou hunn ech et verstan, zum Deel domadder ze dinn, datt och déi franséisch Autoritéite gesot hunn, dat Gebai do zu Lëtzebuerg ass awer relativ deier, well am Hexagon bräicht ee fir esou e Projet praktesch nëmmen d'Halschent vun deem Budget, wann dat géif a Frankräich gebaut ginn.

Et wier also och eng Kéier sënnavoll, hei an der Chamber oder an de Kommissiounen emol méi en détail ze analyséieren, firwat zu Lëtzebuerg öffentlech Gebaier a Schoulen an esou weider am Duerchschnëtt alt bis zweemol méi deier si wéi am europäeschen Ausland.

Eng lescht Remarque dann, Här President, wëll ech da méi generell zur Bauten- a Finanzierungsolitik am Schoulberäich hei zu Lëtzebuerg maachen. Am Beräich vun de Privatschoule gi jo automatesch 80% vun de Käschte vun enger Schoul vum Stat iwwerholl, wann e Projet da presentéiert gëtt, an da kann een dann och schnell schaffen. Wéi gesot, d'DP ënnerstëtzt hei dëse private Projet.

Mir wëllen awer och rappeléieren, datt fir verschidden öffentlech Schoulen och weiderhi Finanzierungsbedarf besteet. Bei verschidde Projete wéi Clierf, wéi Mondorf oder Déifferdeng soll also dës Regierung dann deeselwechten Engagement weisen an och déi Projete schnellstens finanzéieren. Oder muss et dann esou wäit kommen, datt een deene genannte Gemengen oder Regiounen de Rot soll ginn, si sollte carrément e Privatlycée op d'Schinn setzen, fir datt se dann eben och ganz schnell an automatesch 80% kréien a kéinte muer da mat hire Schoulen ufänken?

Dat gesot, Merci, Här President, a mir ginn den Accord zu dësem Projet.



► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Claude Haagen, Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. Dat erlaabt mir et, och net op den Detail vum Projet anzegoen, mä awer e puer Saachen, e puer Aspekter hei eng Kéier ze belichten, déi aus grénger Siicht interessant sinn.

Den Historique vum Lycée Vauban steet och am Exposé des motifs vum Gesetzesprojet. Do gesäit een, datt de Lycée am Fong geholl e ganz jonke Lycée ass, '85 entstanen, an en ass ganz schnell ze kleng ginn.

Et stinn och d'Zuele vun de Schüler do: 777 waren et der d'lescht Joer, an et sollen der dann 2015/2016 1.245 ginn. D'selwecht ass et mat der École maternelle et primaire. Déi gëtt et eréischt vu '96 un. Och hei ass de Wee vun de Schüler..., also, et gëtt Plaz gebraucht: 570 Schüler d'lescht Joer an 800 2015/2016.

Dann eng éischt Fro, déi sech natierlech stellt: Wou kommen déi Zuelen hier? Och de Statsrot huet sech dat gefrot. De Rapporteur, de Rapport seet d'Äntwert och effektiv: D'Schoul huet selwer Schätzung gemaach. Ech ginn och dovun aus, datt déi Schätzung richtig sinn, obschonn et ëmmer mat Virsicht ze genéissen ass, wann eng Privatschoul selwer virausgesäit, wéi vill Raum datt se brauch. Et wier jo och net ze erwaarden, datt se sech géif soen, si bräicht net méi Plaz.

Et soll eis awer och drun erënneren, datt mer missten hannerfroen: Firwat ass dann dee franséische Lycée esou interessant hei zu Lëtzebuerg? Verschidde Virriedner sinn drop agaangen, virun allem den Eugène Berger huet dat och e bësse méi kritesch hannerliicht. Ech wëll et och e bësse méi kritesch gesinn: de Fait, datt esou vill Schüler an déi Schoul wëlle goen, a mir wësse jo net genau - dat steet och am Rapport -, wéi eng Schüler datt iwwerhaapt dohinner ginn.

11% vun de Schüler si Lëtzebuerger. Firwat ginn 11% vun deene Kanner, déi Lëtzebuerger sinn, an dee Lycée? Vlächst kréie se do en Angebot, wat se op anere Plazen net kréien. Vlächst misste mer... Mir sinn eis alleguerten eens: Et ass interessant fir Lëtzebuerg, wa mer en internationaalt Ëmfeld hunn, wa mer deene Leit, déi kuerz zu Lëtzebuerg sinn, déi aus Diplomatekreeser kommen, déi vun hirer Aarbecht just kuerz zu Lëtzebuerg sinn, wa mer deenen eng Schoulplattform ubidden. Dofir hu mer och engleschsproocheg Schoulen. Dat ass wichteg.

An awer musse mer eis froen, wa mer an déi heite Gréisstenuerdnunge ginn, ob dat da lauter Schüler sinn, déi an deenen dote Verhältnissen zu Lëtzebuerg sinn, oder ob net vlächst ee Reformbedarf fir eis ganz Schoul do ass. Ech mengen, dat ass och interessant, wa mer iwwert d'Reform vum Cycle supérieur vun de Lycéeën an de Lycée-technique schwätzen, ob mer déi net mussen allgemeng zu Lëtzebuerg méi opmaachen, méi flexibel maache fir de Sproochenunterrecht. Mir wunnen an engem Land, wou 50% geschwéi vun der Populatioun net Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn. Ech mengen, datt mer eise gesamte Schoulsystem mussen do méi opmaachen, fir deene Schüler alleguerten eng besser Chance ze ginn.

Well wa mer och net genau wëssen, wéi eng Schüler am Lycée Vauban zum Beispill sinn, kann een awer, wann een de Minerval kuckt - dee fir d'Joer 2010, dee steet um Internet, do kaschte fir ee Joer d'Schoulgebühren 1.869 Euro fir d'Schüler vun der Sixième an 2.736 Euro pro Joer fir d'Terminalsschüler -, schonn emol wëssen, wéi eng Kanner net an dee Lycée an d'Schoul ginn: an zwar Kanner, wou d'Elteren e Mindestloun oder en niddregt Akommes hunn.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Ganz richtig!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Also géif ech mengen - Merci, Här Hoffmann -, datt et en allgemenge Bedarf gëtt, fir eis Schoule méi international opzemaachen an net just op Privatschoulen ze setzen.

Dee Projet de loi hei, dee mer haut votéieren, dee baséiert op dem Gesetz, wat d'Rapporten tëschent de Privatschoulen an dem Stat regelt, d'Gesetz vum 13. Juni 2003. De Rapporteur huet dat richtig gesot: Mir leeën 80% bäi beim Bau. Dat sinn 126,64 Milliounen. Dat si vill Suen. Mir hu relativ wéineg matzeschwätzen, wéi déi Schoul da schlussendlech ausgesäit. Wahrscheinlech gëtt op deenen 20%, déi de franséische Partner bäileet, probéiert ze spueren, an domat spueren mir dann automatesch och mat.

Mir sinn der Meenung, datt et wierklech och wichteg wier, datt mer eis géifen déi Gesetzgebung iwwert d'Privatschoulen eng Kéier op de Leescht huelen a kucken, ob mer net misste méi Matsproocherecht kréien, wa mer esou Privatschoule finanziell an där heite Gréisstenuerdnung ënnerstëtzen.

Et ass och gesot ginn, datt eng gewëssen Urgence bei deem Projet hei besteet. Virun allem geet et och drëm, fir déi néideg Plaz ze kréie fir de Lycée technique du Centre. Dofir ware mir och schonn am Dezember 2009 prett, fir de Projet ze votéieren. D'franséisch Autoritéiten hunn e bëssen Zäit gebraucht. Mir sinn awer och frou, datt se da schlussendlech zu engem Ofkommen komm sinn, esou datt mer de Projet haut kënne votéieren. Trotz där - wéi mir mengen aus grénger Siicht - berechteter Kritik liicht et eis an, datt mer dee Lycée an déi École primaire a préscolaire brauchen. Dofir wäerte mer dee Projet dann och hei matdroen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, chers membres du parti chrétien-social, vous me permettez de parler luxembourgeois au parlement luxembourgeois. Am Numm vun der ADR wëllt ech dem Här Rapporteur, dem honorabelen Här Claude Haagen, villmools Merci soe fir säin ausgezeichnete Rapport an lech, Här President, an him versécheren, datt d'ADR dëst Gesetz matdréit.

Mat all deene Schwierigkeeten, déi mir onglécklecherweis an der Relatioun mat Frankräich an der Lescht kannt hunn - an eis Lëtzebuerger Regierung an eis Europakommissärin si jo leider dorunner net onschëlleg -, si mer frou, fir haut en Zeeche vun der frëndschaflecher Verbonnenheet mat Frankräich, anere franséischsproocheg Länner, mat der franséischer Sprooch an hirer Kultur kënnen ze setzen. Mir wënschen där neier École Française, dem Lycée an dem Collège Vauban, all senge Professeren, Mataarbechter a Schüler alles Guddes!

Mir soen awer och, datt dësen Investissement an déi franséisch Schoul eis Regierung net dovun dispenséiert, och de Bau den Här Berger an, ech mengen, och eis gréng Kolleegen hunn et och scho gesot - vun anere Lëtzebuerger Schoule konsequent virunziedriwen. Mir wëssen, datt där och feelen, besonnesch och am Norden an an anere Géigenden.

Här President, mir freeën eis doriwwer, datt déi franséisch Schoulen hire Schüler et erméiglechen, a fakultative Coursë Lëtzebuergesch ze léieren. Dat ass e ganz wichtegt Zeechen, a mir wiere frou, wann déi Offer nach kéint ausgebaut ginn, fir datt d'Schüler alleguer kéinte vun där Chance profitéieren. Mir erënneren drun, datt an anere Länner déi franséisch Schoulen obligatoresch d'Sprooch vum Land och hire Schüler bäibréngen.

Mir géifen et begrëssen, wann d'Integratioun vun de franséischsproocheg Schüler hei am Land iwwert de Wee vun der Lëtzebuerger Sprooch nach kéint weider erliichtert ginn. D'Madame Minister huet awer leider bis elo refuséiert, deene beschte Lëtzebuergesch-Schüler am Vauban wéi och

an der Europaschoul e Präis am Numm vum Lëtzebuerger Stat ze iwwerreechen. Dir ernnert lech, ech hat eng Question parlementaire zu deem Thema gestallt. Mir kënnen eis nëmmen driwwer wonnen, datt Der dee Geste net wëllt maachen, fir déi Schüler ze belounen, déi wëlle Lëtzebuergesch léieren. Dir kënnt eis haut vlächst erklären, wéi Är Haltung zu deem Thema ass.

Mir soen deene franséischsproocheg Schoulen och e grouse Merci fir all déi wäertvoll Dénkschter, déi si an eisem Land leeschten, sief et als Schoul fir d'Kanner vun auslännesche Kaderen, mä och als Schoul fir vill Lëtzebuerger Kanner, zum Beispill déi vun eisen Diplomaten, déi aus dem Ausland zrëckkommen an deenen hir Kanner do dacks a franséische Schoule scolariséiert goufen.

Eis Kollege vun anere Parteien, Madame Minister, wonnere sech driwwer, firwat Lëtzebuerger Schüler an déi Schoul ginn. Mir kënnen dat nëmmen allze gutt verstoen. Vill Eltere wëllen hir Kanner virun den Entwécklungen an de Lëtzebuerger Schoule retten, fir déi Dir jo responsabel sidd: fir dee stännege Verfall vum Niveau! Einzelner schécken hir Kanner an d'Ausland. Anerer schécke se eben hei an international Schoulen zu Lëtzebuerg, fir hire Kanner nach eng anstänneg Bildung ze erméiglechen an eng Zukunft hei am Land.

Schliesslech wëlle mer awer nach Froen opwerfen am Kader vum Finanzement. De franséische Stat gëtt jo just nëmmen eng Garantie. Mir froen eis, ob Dir d'Sécherheet hutt, Madame Minister, datt wierklech déi Suen erakommen, oder ob mer net awer a Schwierigkeeten vum Finanzement erakommen, oder ob d'Elteren net op eemol e ganz héije Minerval musse bezuelen, wann d'Schülerentwécklung net de Previsiounen géif entsprechen oder wann eben Onvirhergesehene géif geschéien. Sidd Dir do sécher, datt net d'Elteren, d'Elterevereenegungen do kënnen a Schwierigkeeten kommen?

Mir soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Kartheiser Merci. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses et hilarité)

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Meng grouss Bewonnerung fir d'franséisch Kultur a meng grouss Verbonnenheet mat engem groussen Deel vun der franséischer Bevölkerung - net mat en alleguer -...

(Hilarité)

...hënnere mech net drun, bei dësem Projet de loi e gréissere Problem ze hunn. Et ass nach net esou laang hier, do hate mir awer hei an der Chamber eng relativ breet Fraktioun duerch all Parteien erduerch, ausser enger, déi war eigentlech der Meenung, öffentlech Gelder misste benotzt ginn, fir öffentlech Schoulen ze finanzéieren, a Privatschoule missten dann eben och privat finanzéiert ginn. Ech weess net, ob ech elo dee leschten Almoudesche sinn, dee mengt, dee Prinzip, dee wier eigentlech nach ëmmer iergendwéi ze verteidegen.

Zënter dem Gesetz vum 2003 ass dat jo elo anescht. Mir leeën bei de Privatschoulen - quasi automatesch, kann ee jo bal soen - 80% bäi, dann also och hei. Ech maachen och net den Ënnerscheid bei der Fro vu private Schoulen, den Ënnerscheid net tëschent konfessionelle Schoulen oder net konfessionelle Schoulen. Privat ass privat, an öffentlech ass öffentlech. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat hei eng ganz gutt Schoul ass. Ech hu mer e bëssen ugekuckt, wat se ubidden. Wahrscheinlech vun der Qualitéit hier besser wéi eis öffentlech Schoul, géif ech mengen, oder op d'mannst a bestëmmte Beräicher besser.

Awer déi Fro, déi den Här Adam sech gestallt huet, hunn ech mer och gestallt. Wie geet an déi Schoul? Ausser dass et Leit sinn, déi e franséischen Enseignement wëllen. Wat fir Leit sinn dat, déi sech kënne leeschten, 2.000 bis 3.000, ronn, Euro d'Joer ze bezuelen? Also Niveau Lycée wuelverstanen. An dann nach fir eng Stonn Optioun nach eng Kéier 200 Euro pro Joer, fir eng Stonn Optioun, déi muss bezuelt ginn. 200 Euro pro Joer!

Wien ass dat, dee sech dat ka leeschten? Dat ass net dee portugiseschen Aarbechter, dee säi Kand gären an eng franco-phone Schoul schéckt; mat Sécherheet net, well dee ka sech dat net leeschten! Et ass also éischer dat, wat ee kënnt nennen eng Reproduktioun vun de sougenannten Eliten, déi hei favoriséiert gëtt - egal ob se franséisch sinn oder net - an déi mir mat öffentleche Gelder finanzéieren. An ech muss lech éierlech soen, dat fannen ech eigentlech net an der Rei.

Ech sinn och der Meenung, dass d'Fro muss berechtigt sinn, dass, wa mer schonn hei eng Schoul maachen, eng privat, déi dem franséischen Éducationministère ënnersteet - op d'mannst indirekt ënnersteet -, da muss awer d'Fro och berechtigt sinn, wéi eng Participatioun ee vun dem franséische Stat, also vun dem franséischen Éducationministère kënnt verlaange fir eng franséisch Schoul no franséischem Kursus hei zu Lëtzebuerg.

Wa mir wëllen ubidden - esou wéi de Statsrot dat och ënnerstrach huet, awer positiv vum Statsrot - eng Offer fir déi Familljen, déi heihinnerkomme mat Kanner an déi Schwierigkeeten hunn, an déi bestehend öffentlech Schoul ouni Weideres eranzekommen, da musse mer eis d'Fro stellen, ob mer et net fäerdeg bréngen, dat Angebot ze realiséieren am Kader vun eiser öffentlecher Schoul. An zwar dann an engem Kader, wou sozial Mixitéit a Gläicheet vun de Kanner garantéiert ass. Dat ass et hei net!

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. An elo kritt d'Wuert d'Éducationministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Ech schlësse mech de Komplimenter an de Mercien un un de Rapporteur vun dësem Projet. An ech wollt schonn direkt der Chamber Merci soe fir déi, wann ech richtig verstanen hunn, quasi Unanimitéit zum Vote vun dësem Projet de loi.

Et schéngt mir, an dat gëtt hei gedeelt am Haus, mir brauchen international Schoulen. Lëtzebuerg ass en interessante Standuert, a wa mer d'Attraktivitéit vun deem Standuert wëllen erhalen, da gehéiert dozou, dass mer fir déi Leit, déi op Lëtzebuerg fir eng kuerz Zäit oder vlächst e bësse méi eng laang schaffe kommen, dass mer deenen hire Kanner kënnen eng Schoul offréieren, wou se an engem Schoulsystem an enger Sprooch kënne bleiwen.

Mir hunn net nëmmen eng franséisch Schoul zu Lëtzebuerg, mir hunn och eng, zwou grouss Europaschoulen zu Lëtzebuerg. Mir hunn eng englesch „International School“ a mir hunn eng „St-George School“. Dat heescht, et ass net nëmmen eng franséisch Schoul, déi mer hei zu Lëtzebuerg brauchen.

An ech freeë mech doriwwer, dass Lëtzebuerg nach ëmmer attraktiv, esou attraktiv ass, dass Leit op Lëtzebuerg kommen, an dass d'Nofro no Plazen an de Schoulen nach an d'Luucht geet, och wann dat eng Belaaschtung gëtt fir d'Finanzen. Do deelen ech awer alleguerten d'Aussoe vu menge Virriedner, dass dat op kee Fall eis dispenséiert, fir d'fir ze suergen, dass d'Qualitéit an der öffentlecher Schoul héich ass, well dat eent ersetzt net dat anert.

Wat d'Population scolaire ugeet...

An dass mer och, an dat wëll ech ënnersträichen, natierlech weider mussen öffentlech Schoule bauen. Mir sinn amgaang um Belval, mir sinn amgaang zu Jonglënster, Miersch gëtt elo gläich fäerdeg, an da ginn déi aner Projeten au fur et à mesure, wou mer Sputt kréien, ginn déi aner Projeten initiéiert.

Dräi grouss Bauprojekte si virgesinn an der zweeter Phas vum Plan sectoriel „Lycées“, an dat ass Clief, Mondorf an Déifferdeng. Soubal wëll mer mat deenen anere Bauten usinn, ginn déi entaméiert. Mä ech gesinn awer och, dass mer net alles matenee kënne bauen. Well mir hunn och nach eng Infirmereschoul, déi muss onbedéngt Infrastrukture fir d'École de la deuxième chance, ech



brauch d'CNFPCen, déi aus allen Néit platzen. Also eis Besoinen un Infrastrukturen, déi sinn nach laang net gedeckt, a mir wäerte probéieren esou séier wéi méiglech mat all deene Projekte weiderzekommen.

D'Schüler. Et ass hei vill Rieds gaangen iwwert déi Schüler, déi an de Lycée Vauban an an d'franséisch Schoul zu Lëtzebuerg ginn. Déi Zuel geet permanent an d'Luucht, vun 2000, wou mer 286 Schüler haten, elo 2010 déi lescht Chiffere vu reell ageschriwwene Schüler, dat sinn der 815. Dat heescht, all Joer hu mer eng ganz grouss Progressioun vu Kanner, déi sech aschreiwen. An duerfir, ob déi Previsioun fir d'Joer 2020 elo plus ou moins richteg sinn, dat huet jo och vill mat der ekonomescher Situatioun vu Lëtzebuerg ze dinne.

Meeschtens, normalerweis gi Kanner dohinner, wou d'Elteren op Lëtzebuerg schaffe kommen an deenen hir Projets professionnels esou sinn, dass se dovunner ausginn, dass se nëmmen eng kuerz Zäit zu Lëtzebuerg bleiwen an dass se duerno weider an d'Ausland ginn. An och déi Lëtzebuurger Kanner, déi an de Lycée Vauban ginn... Also mir maachen net de gleserne Schüler.

Ech kann net d'Motivatioun vun all den Elteren novollzéien, firwat se hir Kanner dohi ginn, mä ech kennen der ganz vill, wou Lëtzebuurger sinn, déi aus dem Ausland kommen, déi eng kuerz Zäit zu Lëtzebuerg sinn an déi dann erëm an d'Ausland ginn, a wou et schwierig ass fir hir Kanner, fir e Schoulssystem ze wiesselen. Well, wéi mer et jo virun net allze laanger Zäit hei am Parlament gemierkt hunn, hu mir jo grouss Schwierigkeeten a ganz grouss Ambitiounen, fir d'Sproochesystemer an eiser Schoul esou ze halen, dass mer an alle Sprooch gläich gutt sinn. Wat natierlech fir Leit, déi dat net esou gewinnt sinn an déi aus engem anere Sproocheraum kommen, schwierig ass.

Dat alles gesot, wëll ech nach eng kéier mech freeën iwwert de Konsens. Mir hunn d'Garantië vun der Mutuelle, vun der franséischer Mutuelle, déi fir d'franséisch Schoulen am Ausland eng Garantie iwwerhëlt, dass déi 20%, déi net vum Lëtzebuurger Stat bezuelt ginn, dass, wann d'Elterenassociatioun oder aus enger Ursach d'Schoul se net géif opbréngen, déi da géifen iwwerholl ginn. D'ANEF, d'Association nationale des écoles françaises de l'étranger, huet formell d'Garantie iwwerholl, wa finanziell Problemer waren, esou dass ech denken, dass elo der Planifikatioun, an ech insistéieren dorobber, vun deem Lycée, vun där neier franséischer Schoul zu Lëtzebuerg näischt méi am Wee steet.

Ech mengen, et ass héich néideg. Éischstens brauche mir déi Plaz, well de Lycée Vauban steet am Haff vum Lycée technique du Centre. An de Lycée technique du Centre muss restauréiert ginn. Ech wier also frou, wann dee Lycée esou séier wéi méiglech gebaut wier, fir dass mer do kënne mat eise Bauaarbechten un der öffentlecher Schoul weiderkommen. Zweetens hu mer der Gemeng Lëtzebuerg versprach, dass mer déi Schoulen alleguer vum Lampertsbiereg erfrohuelen, an d'Gemeng war jo generéis genuch, fir en Terrain zu Gaasperech zur Verfügung ze stellen.

Ech wëll awer och hei net d'Illusioun opkomme loossen, dass elo muer mam Bau vun der Schoul géif ugefaang ginn, well nach eng ganz Rei Planifikatiounsarbechte musse vun der Associatioun gemaach ginn. De Lycée Vauban an d'École Française vu Lëtzebuerg hunn eng nei Associatioun gegrënnt: „Association école et lycée français de Luxembourg“, an déi si Baumeeschter. Si musse sech un d'Gesetz vun der Soumissioun, der öffentlecher Soumissioun halen. Si hunn also och gewësse Regeln, déi hinnen imposéiert ginn. A si wäerten elo vill Aarbecht kréien an deenen nächste Méint. Mä ech mengen, si freeë sech drop.

Pour terminer, je voudrais dire ma joie aujourd'hui. Puisque depuis des années nous sommes en train de discuter du projet d'une nouvelle école française à Luxembourg, et j'ai toujours affirmé à mes interlocuteurs que le Luxembourg soutenait la présence française à Luxembourg et que nous étions... que nous sommes très fiers de notre tradition francophone et que de

tout cœur nous voulons accompagner cette présence à Luxembourg. Et je suis très heureuse aujourd'hui que vous pouvez constater que ce ne sont pas des paroles en l'air, mais que le parlement luxembourgeois en entier soutient cette initiative.

Merci beaucoup!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Ministesch. Den Här Kartheiser?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech wollt der Madame Minister nach eng Fro stellen, wann Der erlaabt.

► **M. le Président.** - Da stellt nach schnell Är Fro, Här Kartheiser!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Ech wollt der Madame Minister nach eng Fro stellen - ech hat hir se gestallt, se wollt elo sécher net drop äntworten -, well d'Fro ass, fir et nach eng kéier ze soen, firwat d'Madame Minister net an der franséischer Schoul an och an der Europaschoul déi Schüler belount, déi esou frëndlech sinn a sech engagéieren, fir d'Lëtzebuurger Sprooch ze léieren. Ech wier frou, wann d'Madame Minister eis géif soen, firwat se fir déi Schüler näischt wëllt maachen.

Merci.

► **M. le Président.** - Här Kartheiser, dat do gehéiert zwar net zum Projet de loi, an dat kënnt Der... D'Madame Minister ass awer bereet, dorobber ze äntworten.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Et kann ee jo bei all Débat iwwer alles schwätzen, an ech sinn och ganz gär bereet, op déi Fro ze äntworten. Ech hunn dem Här Kartheiser se och scho schrëftlech beäntwert, an ech ka se och nach eng kéier mëndlech beäntweren.

An der Europaschoul gëtt de Ministère de l'Éducation...

(**Interruption**)

An der Europaschoul gëtt de Ministère vun der Éducation nationale de Präis fir de „meilleur élève“, an ech fannen, dass dat ganz prestigiéis ass. An ech si stolz, dass mer d'Exzellenz ënnerstëtzen, an duerfir wëll ech net en anere Präis do ginn.

Par ailleurs stellen ech fest, dass effektiv, souwuel an der Europaschoul wéi am Lycée Vauban, Coursé vu Lëtzebuergesch offéiert ginn, wat mech freet. Mä dat si ganz weineg Schüler, déi déi Coursé beleen. A wann ech jo ëmmer ënnerstallt kréien, ech géif keng Qualitéit hei wëlle fördern, wat de Contraire ass, an duerfir géif ech gären e prestigiéis Präis ginn, an duerfir ginn ech léiwer de Prix vum „meilleur élève“.

► **M. le Président.** - Sou, elo ass d'Diskussioun definitiv ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5993 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Mergen), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier

Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(**Assentiment**)

Den Här Hoffmann wëllt se begrënnen.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Ech wëll nach eng kéier preziséieren, dass ech d'accord sinn, dass mer eng Spezialoffer kënne hei ubidde fir déi Kanner, déi hei gemengt sinn. Ech si just der Meenung, dass dat hei eng Form ass, déi eigentlech net akzeptabel ass, well mer de Prinzip vun der Gratuitéit vun der Schoul duerchbriechen, an domadder de Prinzip vun der Egalitéit vun de Kanner.

Dat heescht, ech maachen en Appel, dass mer eis iwwerleeën, also och d'Regierung iwwerleet, ob een eng Form ka fannen, wou een iwwer eng Konventioun mat engem auslännesche Stat - also hei zum Beispill mat Frankräich - hei zu Lëtzebuerg eng öffentlech Schoul gratis, ouni Minerval, domadder also ënnert der Berücksichtigung vun der sozialer Gläichheet vun de Kanner, eppes am Kader vun der öffentlecher Schoul mécht.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Domadder ass déi Enthaltung begrënnt.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 5976 iwwert d'Normes comptables. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo ageschriwwen just den Här Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

6. 5976 - Projet de loi relative à l'introduction des normes comptables internationales pour les entreprises modifiant

1. la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

2. la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

3. l'article 13 du Code de Commerce

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dem Gesetzesprojet 5976 geet et drëms, déi international Kontabilitätsstandarden, déi sougenannten IFRS-Normen, dat steet fir „International Financial Reporting Standards“, an eist Lëtzebuurger Recht ze integréieren. Wéi maache mir dat? Mä konkret setze mir mat dësem Projet de loi duerfir gläich véier EU-Direktiven ëm.

Bei enger vun dësen Direktiven, si staamt aus dem Joer 2006, si mir mat der Ëmsetzung schonn a Verzuch. D'Europäesch Kommissioun huet duerfir e sougenannten „recours en manquement“ bei dem EU-Gerichtshaff géint eist Land agereecht. Zäitlech besteet also akuten Handlungsbedarf.

Firwat maache mir dëst? Mir wëllen op europäeschem Plang weltwäit harmoniséiert Kontabilitätsstandarde schafen. 700 international cotéiert Gesellschaften funktionéieren schonn no dëse Standarden. Dës IFRS-Kontabilitätsstandarde si weltwäit vun de Kapitalmäert akzeptéiert. Well déi europäesch Konzernener op der ganzer Welt agéieren, huet d'Europäesch Unioun och e wirtschaftlechen Interessi, dass international no deeneselwechte Regele gefuer gëtt. Dat ass méi transparent a mat manner Käschte fir d'Entreprisë verbonnen.

Wat heescht dat dann elo genee? Déi sougenannten „comptes consolidés“, also d'Konte vum Grupp vu Bourse-cotéierte Gesellschaften, mussen no den IFRS-Normen opgestallt ginn. Dëst huet natierlech seng Auswierkungen op Lëtzebuurger Gesellschaften, déi Member vun esou engem multinationale Grupp sinn. De Gesetzesprojet gesäit duerfir eng Rei vu Flexibilitäte fir d'Opstellung vun deene Konte vun de Lëtzebuurger Entreprisë vir. Si kënne duerfir an der Presentatioun vun hiren nationale Konten deelweis vun eisen traditionelle Kontabilitätsregelen ofwäichen. Fir net Bourse-cotéiert Unternehmen ass de Réckgrëff op d'IFRS-Norme fakultativ méiglech. Dës Optioun besteet fir eis Banken, Assurancen a Réassurance-Gesellschaften iwwregens schonns zënter 2006.

Wéi grouss ass dës Flexibilitéit dann elo an dem konkrete Fall? Si geet nawell wäit. De Gesetzesprojet erlaabt esou déi sougenannten „évaluation à juste valeur“ vu verschidden Aktiva an engem Bilan. E bestëmmten Aktiv vun enger Gesellschaft kann deemno kontabelsméissig no sengem aktuelle Maart- oder Handelswäert opgefuert ginn. Hie kann dobäi vu sengem Uschafungswäert respektiv dem Ersatzwäert, dem „prix de remplacement“, ofwäichen. Den Intérêt vun dëser Bewertungsmethod no dem „principe de la juste valeur“ ass deen, fir de Wäert vu komplexe Finanzinstrumenter, wéi zum Beispill Optiounen oder Swaps, méi transparent an de Konten opzeféieren.

Ech verheemlechen awer net, dass mat der Bewertungsmethod no der „juste valeur“ och kënne verschidden Aktivposten an dem Bilan méi héich bewäert ginn, wéi hire reellen Akafswäert. An dëst ass ouni Zweifel e Risiko. Bei engem Mëssbrauch vun der Bewertungsmethod no der „juste valeur“ ass nämlech net ausgeschlossen, dass d'Konte kënne verschéinert ginn. Kontabelsméissig ka méi een héije Benefiss ausgewise gi wéi deen, deen zu deem Moment effektiv do ass.

Fir déi néideg Transparenz ze schafen, gesäit de Gesetzesprojet duerfir ausdrécklech vir, dass eng Gesellschaft op verschidde Kategorië vun Aktiva kann de Bewertungssystem vun der „juste valeur“ uwenden. Mécht se dat, dann zielt dat awer fir déi ganz Kategorie. An de Réckgrëff op dës Bewertungsmethod muss och dann an den Annexe vun de Konte preziséiert sinn.

Här President, de Gesetzesprojet iwwerhëlt och aus den Direktiven nach déi nei Kritären, no deenen op europäeschem Plang eng PME definéiert ass, an zwar eng Bilanzzomm vu maximal 17,5 Milliounen Euro, e Chiffre d'affaires vu 35 Milliounen Euro, an 250 Vollzäitbeschäftegter. Wann eng Entreprise zwou vun deenen dräi Limiten net iwwerschreit, da ka se hir Konten no engem vereinfachte Schema presentéieren.

Schliesslech féiert de Gesetzesprojet eng sougenannten „responsabilité collective“ a fir d'Membere vun engem Verwaltungsorgan oder Iwwerwachungsorgan vun enger Gesellschaft. Si sinn dem Gesetz no zesummen derfir verantwortlech, dass déi eenzel Kontabilitätsdokumenter getrei de gesetzleche Bestëmmungen opgestallt goufen.

Den urspréngleche Regierungstext ass souguer nach méi wäit gaangen, andeems e Verstouss géint dës kollektiv Verantwortung och nach stroferechtlech kënnt sanktionéiert ginn. De Statsrot huet hei awer eng Opposition formelle gemaach. Hien huet d'ailleurs mat Recht gesot, et géif sech hei ëm eng sougenannten „obligation de moyens“ handelen, an déi kënnt een net stroferechtlech sanktionéieren.

De Statsrot huet sech doriwwer eraus och allgemeng géint de Prinzip vun enger „responsabilité collective“ op stroferechtlichem Plang ausgeschwat. De Justizminister huet doropshin dësen Text zrëckgezunn, mat dem Argument, dass hie keng iwwerdriwwen Penalisation vun dem Droit des affaires wëllt. Dës Meenung gouf och vun de Membere vun der Commission juridique gedeelt. Am Fall vun engem schwéiere Verstouss géint d'Kontabilitäts-